# Réunion CdJ 13.1.2025

Présents: Romain Engels, Suzie Godart, Guy Kruchten, Claude Magar, Serge Raach, Marco Schmit, Marco Schmitz

Excusés: Lex Schroeder, Dan Wiseler

Assiste: Richard Spautz, représentant CA

1) **Réunioun Veräiner:**
   Präsenz um 18h00 fir opzeriichten. Claude präsentéiert d'Powerpoint fir d'Réunioun. Zusätzlich zu der Präsentatioun kréien d'Veräiner en Outprint: de Claude schéckt dem Marco d'Präsentatioun fir ze printen.

2) **Remise des prix**:
   D'Suzie mecht e kuerze Rapport iwwert de Catering, de Romain iwwert de geplangten Oflaf, de Richard iwwert d' Iwwerreechung (Diplom vum Technikofzeechen plus Sticker, vu Bronze bis Diamant/ Generalklassement vu Bambi1 bis Benjamin2. De Rich an de Romain kucken d'Reiefolleg nach zesummen. Zum Schluss gët eng Foto gemat an duerno gët ët eng kleng Agape. De Richard kuckt un RTL ze kommen, d'Journalisten hun d'Infoe krit.

3) **Rapport vum 9.12.2024:**
   De Rapport as approuvéiert a kann online goen.

4) **Rapport Jury:**
   Claude a Suzie gin e kuerze Feedback vun der Versammlung (Rapport ka sou un d'Jury an d'Sekretariat geschéckt gin).

5) **Rapport Entrevue Saarland:**
   De Marco Schmitz mecht e kuerze méndleche Rapport iwwert eis Treffe mat dem Saarlännesche Verband (srb.de) an de Méiglechkeete vun enger Zesummenarbecht am MTB-Beräich virun allem.

6) **Kaderplacken:**
   De Comité gët den Ok fir den Devis vun EmJi sàrl, ët sollen nach e puer kléng grafësch Ännerunge gemat gin, da kann d'Produktioun ulafen. Den Trophée Jeunes gët „Kichechef-Trophy" ëmgenannt, de Kichechef sponsort d'Kaderplacken a stellt seng Räimlechkeeten och 2025/26 fir d'Technikofzeechen (Parking) an d'Präisverdeelung zur Verfügung.

7) **Delegéierte Courses Jeunes:**

D`Delegéierten fir déi éischt Course gi provisorësch festgehal vu dat nët jidferee präsent ass. De Richard ass Délégué suppléant op all Course a mecht Fotoen, och de Marco Schmit steet als Aushëllef zur Verfügung.Bis op Weideres gëllt d` Lëscht am Unhang.

**8) <u>Kleedung:</u>**
D'Suzie huet bei der Federation nogefrot, d'Kleedung as spéitsdens fir déi éischt Course do. De Claude schléit vir, och e Badge mat "Délégué Jeunes" drop ze froen fir bei de Coursen unzespéngelen.

9) **<u>Organigramme:</u>**
Vu dat nët jidfereen do war, gouf just Folgendes festgehal: De Romain kuckt um Site vun der FSCL den Deel "Jeunes" ze analyséieren an „à jour" ze setzen. De Claude Magar ass zesumme mam Guy Kruchten de Mann fir d'Reglementer an de Marco Schmitz ass zesumme mam Serge Raach zoustänneg fir d'Kontakter mat der Groussregioun; déi weider Punkte kucke mir an enger nächster Réunioun.

10)**<u>Divers</u>**
De Romain bemierkt, dat eis Rapporten um Site vun der FSCL egal wou gespeichert sinn an de Site och muss gebotzt gin. Hie wärt daat mat dem Sekretariat vun der FSCL kucken. Fir d'Klassementer an Zukunft ze maachen ouni zevill Handarbecht (wat ëmmer Synonym mat Fehlerquell as) kucke mir bei einer nächster Versammlung iwwert eng méiglech Léisung ze diskutéieren.

Déi nächst Versammlung ass de **10te Februar** um **19h15** um **Boy Konen**.